N°241
Entrée le 26.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.01.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Persounen, déi iwwer 45 Joer hunn an hir Aarbecht wéinst "*raisons économiques*" verluer hunn, kënnen, wa se eng nei Aarbecht fannen, bei der ADEM eng Demande fir eng *Aide au réemploi* maachen.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Demandë fir eng Aide au réemploi sinn an deene leschte 5 Joer ofgeleent ginn? Wat waren hei d'Grënn dofir (Alter, Kënnegungsgrond, Astellung als Fonctionnaire,...) ?

2. Gesäit d'Regierung Handlungsbedarf, fir d'Aide au réemploi och fir Leit zougänglech ze maachen, déi via Arrêté genannt ginn an kee klasseschen Aarbechtskontrakt hunn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Gemeinsam Äntwert vum Här Aarbechtsminister Georges Mischo a vum Minister fir d'Fonction publique Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n°241 vun den honorabelen Deptuéierten Ben Pollidori a Sven Clement iwwert d' « Aide au réemploi »**

**Ad. 1**

An deem gefroten Zäitraum goufen et 472 Refusen an 1.002 Accorden.

Wat d'Haaptgrënn vun de Refusen uginn, esou sinn déi meescht drop baséiert dass d'Persoun net *« de façon ininterrompue comme salarié au Grand-Duché de Luxembourg pendant les vingt-quatre mois qui précèdent immédiatement son inscription à l'Agence pour le développement de l'emploi* » geschafft huet. Dat mécht 21% vun de Refusen aus.

Den Artikel L.541-8. vum Code du travail präziséiert dass « *Peut également bénéficier de l'aide temporaire au réemploi le chômeur indemnisé qui accepte d'être embauché dans un emploi comportant un niveau de salaire inférieur à son salaire antérieur à condition qu'il soit âgé de quarante-cinq ans accomplis, inscrit à l'Agence pour le développement de l'emploi de façon continue depuis un mois au moins et ait travaillé légalement et de façon ininterrompue comme salarié au Grand-Duché de Luxembourg pendant les vingt-quatre mois qui précèdent immédiatement son inscription à l'Agence pour le développement de l'emploi dans une entreprise qui dispose d'un établissement fixe au sens de la loi modifiée du 2 septembre 2011 réglementant l'accès aux professions d'artisan, de commerçant, d'industriel ainsi qu'à certaines professions libérales au Grand-Duché. (…)* ».

Den Artikel L.541-7. (1) 3. Abschnitt seet zudeem och « *Pour pouvoir bénéficier de l'aide, le salarié doit avoir travaillé légalement dans le cadre d'un contrat de travail pendant les vingt-quatre mois qui précèdent immédiatement son départ de l'entreprise d'origine* ».

Weider heefeg Grënn vun engem Refus sinn de Fait dass d'entreprise d'origine, conformément zum Artikel L.541-7.(1) 2. Abschnitt, net eligibel erkläert ginn ass vum Aarbechtsminister :

« *Dans tous les cas le personnel de l'entreprise d'origine doit avoir été déclaré éligible par le Ministre ayant l'emploi dans ses attributions qui statue sur requête de toute partie intéressée* ».

Dat sinn 18% vun den Decisiounen. 15% vun de Refusen si justifiéiert well d'Persoun hir Demande hors délai agereecht huet. Den Delai ass dräi Méint nom neien Engagement.

A 12% vun de Fäll huet den Demandeur, wann et sech ëm e Chômeur indemnisé handelt, d'Alterskonditioun vu 45 Joer net erfëllt.

Ze bemierken bleift nach, dass an enger Rei Dossieren net nëmme just ee Grond de Refus motivéiert, mee dass et der kënne méi sinn.

**Ad. 2**

Aktuell gesäit d'Regierung keen Handlungsbedarf, fir d'Aide au réemploi och fir Leit zougänglech ze maachen, déi via Arrêté genannt ginn.

Lëtzebuerg, den 23. Februar 2024

**(s.) Georges MISCHO**
**Aarbechtsminister**